N°1129
Entrée le 07.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1129 vum 28. August 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos a vum honorabelen Deputéierten Här Fred Keup.**

*1. Wéi ass aktuell d'Opdeelung vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg sozial verséchert sinn, der Nationalitéit no? Wéi vill vun deene wunnen aktuell zu Lëtzebuerg a wéi vill wunnen am Ausland, a wou (Land)?*

Am Joer 2023 waren 38,6% vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg krankeverséchert sinn, Lëtzebuerger. 18,9% ware Fransousen an 10,9% Portugisen. Insgesamt waren 959.488 Persounen zu Lëtzebuerg krankeverséchert (Tabell 1).

**Tabell 1 : Opdeelung vun den zu Lëtzebuerg krankeversécherte Leit der Nationalitéit no a)b)**

| Nationalitéit | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|
| **Lëtzebuerger** | 347 661 | 355 674 | 362 598 | 370 220 |
| **Fransousen** | 173 376 | 176 916 | 180 331 | 181 162 |
| **Portugisen** | 103 636 | 104 146 | 104 362 | 104 484 |
| **Belsch** | 75 131 | 75 331 | 75 668 | 75 269 |
| **Däitscher** | 67 820 | 68 288 | 68 406 | 69 874 |
| **Italiener** | 24 161 | 24 767 | 25 587 | 26 052 |
| **Anerer** | 109 504 | 114 868 | 124 867 | 132 427 |
| **Total** | **901 289** | **919 990** | **941 819** | **959 488** |

*a) Unzuel vun den zu Lëtzebuerg krankeversécherte Leit um leschten Schaffdag am September vum jeeweilegen Joer.*
*b) D'Nationalitéit bezitt sech op de leschten Dag am September vum jeeweilegen Joer.*
*Quell : Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.*

Am Joer 2023 hu vun deene 959.488 Krankeversécherten ënnert aneren 62,5% zu Lëtzebuerg, 18,3% a Frankräich an 8,7% an Däitschland gewunnt. Déi Joren virdrun war den Undeel u Krankeversécherte mat Wunnsëtz an der Belsch méi héich wéi dee mat Wunnsëtz an Däitschland, soudass an dem Joer déi 3 Länner, wou déi meeschten lëtzebuergesch Krankenversécherte gewunnt hunn, Lëtzebuerg, Frankräich an d'Belsch waren (Tabell 2).

**Tabell 2: Opdeelung vun den zu Lëtzebuerg krankeversécherte Leit der Residenz no a)**

| Residenz | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|
| **Lëtzebuerg** | 568 541 | 577 238 | 589 326 | 600 134 |
| **Frankräich** | 161 169 | 167 106 | 172 770 | 175 698 |
| **Belsch** | 78 664 | 80 282 | 81 939 | 82 426 |
| **Däitschland** | 78 090 | 79 874 | 80 805 | 83 779 |
| **Anerer** | 14 825 | 15 490 | 16 979 | 17 451 |
| **Total** | **901 289** | **919 990** | **941 819** | **959 488** |

*a) Unzuel vun den zu Lëtzebuerg krankeversécherte Leit um leschte Schaffdag am September vum jeeweilegen Joer.*
*Quell : Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.*

*2. Wéi vill Patienten, déi an de Joren 2022 an 2023 an der Noutopnam (Urgence) waren, waren Awunner vun Lëtzebuerg a wéi vill waren Awunner vun engem anere Land, a vu wéi engem Land? Wat fir eng Nationalitéit haten d'Patiente vun der Noutopnam, opgeschlësselt no de Joren 2022 an 2023?*

2023 waren 85,3% vun den Assuréën, déi an der Urgence waren, Awunner vu Lëtzebuerg (Tabell 3).

**Tabell 3 : Unzuel vun den Assuréën, déi vun 2020 bis 2023 an der Urgence waren, der Residenz no**

| Residenz | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|
| **Lëtzebuerg** | 120 188 | 131 381 | 150 645 | 152 153 |
| **Frankräich** | 9 110 | 10 784 | 13 512 | 15 639 |
| **Belsch** | 3 355 | 3 911 | 4 970 | 5 387 |
| **Däitschland** | 2 305 | 2 729 | 3 286 | 3 425 |
| **Anerer** | 971 | 1 075 | 1 637 | 1 805 |
| **Total** | **135 929** | **149 880** | **174 050** | **178 409** |

*Quell : Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.*

50,5% vun den Assuréën, déi 2023 an der Urgence waren, ware Lëtzebuerger, 18,4% Portugisen an 9% Fransousen. Insgesamt waren 178.409 Assuréë mindestens eemol an der Urgence (Tabell 4).

**Tabell 4 : Unzuel vun den Assuréën, déi vun 2020 bis 2023 an der Urgence waren, der Nationalitéit no [a)]**

| Nationalitéit | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|
| **Lëtzebuerger** | 75 462 | 81 264 | 91 078 | 90 080 |
| **Fransousen** | 25 237 | 27 599 | 32 354 | 32 812 |
| **Portugisen** | 10 957 | 12 548 | 14 568 | 16 010 |
| **Belsch** | 4 107 | 4 582 | 5 312 | 5 551 |
| **Däitscher** | 3 871 | 4 383 | 5 030 | 5 216 |
| **Italiener** | 2 201 | 2 335 | 2 621 | 2 682 |
| **Anerer** | 14 094 | 17 169 | 23 087 | 26 058 |
| **Total** | **135 929** | **149 880** | **174 050** | **178 409** |

*a) D'Nationalitéit bezitt sech op déi aktuell Nationalitéit (Stand Juli 2024) an net op d'Nationalitéit zum Zeitpunkt vun der Behandlung.*
*Quell : Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.*

*3. Wéi vill Patienten – opgeschlësselt no de Joren 2022 an 2032 – déi eng oder méi Nuechten an der Klinick hu misse verbréngen, waren Awunner vu Lëtzbuerg a wéi vill waren Awunner vun engem anere Land, a vu wéi engem Land? Wéi eng Nationalitéit haten d'Patienten?*

Am Joer 2023 hunn 60.084 Assuréën eng oder méi Nuechten an engem vun den akute Spideeler[1] vu Lëtzebuerg verbruecht. Dovu waren 88,2% Awunner vu Lëtzebuerg, 5,9% koumen aus Frankräich, 3,4% aus der Belsch an 1,9% aus Däitschland. Am Joer 2020 hunn dogéint 90,2% vun den Assuréën, déi stationär behandelt goufen, zu Lëtzebuerg gewunnt (Tabell 5).

**Tabell 5 : Opdeelung vun den Assuréën, déi eng oder méi Nuechten an der Klinik verbruecht hunn, der Residenz no [a)b)]**

| Residenz | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|
| **Lëtzebuerg** | 47 178 | 50 347 | 51 094 | 52 991 |
| **Frankräich** | 2 525 | 2 818 | 3 134 | 3 542 |
| **Belsch** | 1 469 | 1 733 | 1 911 | 2 025 |
| **Däitschland** | 837 | 961 | 1 048 | 1 126 |
| **Anerer** | 278 | 297 | 393 | 400 |
| **Total** | **52 287** | **56 156** | **57 580** | **60 084** |

*a) Just Openthalter an den akuten Spideeler[1] goufen gezielt.*
*b) D'Openthalter an der Rééducatioun goufen ausgeschloss.*
*Quell : Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.*

57,7% vun den Assuréën, déi am Joer 2023 eng oder méi Nuechten an der Klinik verbruecht hunn, waren Lëtzebuerger, 13,9% Portugisen an 7,5% Fransousen. 2020 goufen 61,1% Lëtzebuerger, 13,4% Portugisen an 7,2% Fransousen stationär zu Lëtzebuerg behandelt (Tabell 6).

**Tabell 6 : Opdeelung vun den Assuréën, déi eng oder méi Nuechten an der Klinik verbruecht hunn, der Nationalitéit no [a)b)c)]**

| Nationalitéit | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|
| **Lëtzebuerger** | 31 952 | 33 510 | 34 150 | 34 694 |
| **Fransousen** | 7 032 | 7 807 | 7 730 | 8 376 |
| **Portugisen** | 3 775 | 4 089 | 4 398 | 4 531 |
| **Belsch** | 1 819 | 2 110 | 2 157 | 2 308 |
| **Däitscher** | 1 768 | 1 804 | 1 796 | 1 892 |
| **Italiener** | 841 | 964 | 1 004 | 995 |
| **Anerer** | 5 100 | 5 872 | 6 345 | 7 288 |
| **Total** | **52 287** | **56 156** | **57 580** | **60 084** |

*a) Just Openthalter an den akute Spideeler(1) goufe gezielt.*
*b) D'Openthalter an der Rééducatioun goufen ausgeschloss.*
*c) D'Nationalitéit bezitt sech op déi aktuell Nationalitéit (Stand Juli 2024) an net op d'Nationalitéit zum Zeitpunkt vun der Behandlung.*
*Quell : Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.*

[1] Zu den akute Spideeler vun Lëtzebuerg zielen de Centre hospitalier Emile Mayrisch (CHEM), d'Hôpitaux Robert Schuman (HRS), de Centre hospitalier du Luxembourg (CHL), de Centre hospitalier du Nord (CHdN), den Institut National de Chirurgie Cardiaque et de Cardiologie Interventionnelle (INCCI) an de Centre François Baclesse (CFB). D'Rééducatioun gouf net matgezielt.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*4. Wéi hun sech déi gefroten Zuelen an Donnéeë säit dem Joer 2019 entwéckelt?*

Des Fro gouf scho bei de Froen 1-3 beäntwert.

Lëtzebuerg, den 7. Oktober 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez